ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 6380
Reçue le 21.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.06.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

E Sonndeg, de 19. Juni, waren op verschiddene Plazen am Land Fronleichnam-Prozessiounen, wou, deelweis begleet duerch Museksveräiner, d'Leit zesumme mat Kierchevertrieder duerch d'Dierfer bei d'Kapelle ginn.

Zu Maarnech ass et an deem Kontext zu méi geféierleche Virfäll komm, wat d'Ofséchere vun dëser Prozessioun am Hibléck op de Stroosseverkéier ugeet. An de leschte Joren huet zu Maarnech d'Police de Verkéier gereegelt, wann d'Prozessioun duerch d'Duerf gaangen ass. Dëst Joer war allerdéngs keng Police present, fir de Verkéier ze reegelen, firwat et dann och zu méi chaoteschen, respektiv, geféierleche Situatioune komm ass, wat de Schutz vun de Leit virum Stroosseverkéier ugeet.

An deem Kontext géife mir dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister erklären, firwat notamment zu Maarnech – anescht ewéi déi Jore virdrun – keng Police méi op der Plaz war, fir bei der Fronleichnam-Prozessioun de Verkéier ze reegelen?
2. Weess den Här Minister eventuell, ob et och nach op anere Plazen am Land, wou Fronleichnam-Prozessioune stattfonnt hunn, anescht ewéi déi Jore virdrun, keng Police méi op der Plaz war, fir de Verkéier ze reegelen? Wat sinn d'Grënn heifir?
3. Wéi gesäit allgemeng de rechtleche Kader aus, wat d'Reegele vum Verkéier ugeet bei Manifestatiounen an/oder Prozessiounen, wou gréisser Gruppe vu Leit sech ze Fouss op de Stroosse fortbeweegen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten